
Wat äntueren?

# Wou kommen d'Bëbeeën hier?

5-7 Joer



## Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen...

Engem Kand* z'erklären, wéi Bëbeeë gemaach ginn, ka fir muncheree schwiereg sinn. D'Fro kënnt oft iwwerraschend an ass och vläicht peinlech. Heiansdo fäert een, eng falsch Äntwert ze ginn oder ze vill ze soen.

Bleift virun allem roueg. D'Kand hätt just gär eng Erklärung fir eppes Schéines an Natierleches: d'mënschlech Reproduktioun. Wann Dir Iech onwuel fillt an net wësst, wat Dir maache sollt, da sidd éierlech a sot him, dass Iech d'Fro peinlech ass an dass Dir him méi spéit äntwere wäert.

Mä opgepasst: Et ass wichteg, dass Dir d'Thema nach emol opgräift an him wierklech äntwert. D'Kand kéint de Fait, dass Dir Iech onwuel fillt an him keng Äntwert gitt, esou interpretéieren, dass d'Fro eppes Schlechtes impliziéiert an dass een net driwwer schwätze soll.

## „Theoretesch" Repèren

**Bis zum Alter vu 7 oder 8 Joer froe Kanner seelen, wat Sex ass, mä éischter, wou d'Bëbeeën hierkommen.**

Andeems si Froe stellen, léiere Kanner méi iwwer Sexualitéit. Mat 3 Joer versti si, dass Erwuessener net ganz gär iwwer dëst Thema schwätzen. Si testen d'Grenze vun den Erwuessenen, z. B. andeems si sech spontan ausdoen oder eng sexuell eendeiteg Sprooch benotzen. Kleng Kanner sinn immens virwëtzeg a stelle vill Froen, wat den Erwuessenen an hirem Ëmfeld peinlech ka sinn.

Bis 6 Joer si Kanner ganz interesséiert un der Reproduktioun a stellen dauernd Froen zu dësem Thema: „Wou kommen d'Bëbeeën hier?"

Et ass wichteg, d'Thema Choix ab engem ganz jonken Alter unzeschwätzen, d. h., dass eng Fra wiele kann, ob si Kanner wëll oder net, wéi vill Kanner si wëll a wéi laang si tëschent de Schwangerschafte waarde wëll (my body, my choice!).

## D'Meenung vun den Experten/Expertinnen

Ab 6 Joer gëtt d'Kand sech net méi mat poeteschen Erklärungen zefridden: Hatt wëll wëssen, wat et mat de „Fabrikatiounsgeheimnisser" dann elo op sech huet.

Mat ca. 8 Joer, jee no Wëssensstand, fänkt Äert Kand* un, en Ënnerscheed tëschent Sexualitéit a Reproduktioun ze maachen. Dir kënnt him also bäibréngen, dass wärend dem Geschlechtsverkéier de Penis vum Papp an d'Scheed vun der Mamm andréngt a sech de Sperma mat der Eezell verbënnt, aus där duerno e Bëbee entsteet.

Et ka sinn, dass Iech **d'Kand déi selwecht Fro nach emol stellt,** och wann Dir réischt virun e puer Deeg drop geäntwert hutt. D'Kand huet also net verstanen, wat Dir him erkläre wollt. Dëst ka passéieren, wann Dir Wierder benotzt, déi d'Kand net kennt, oder wann Dir him Konzepter bäibréngt, déi fir säin Alter ze komplex sinn. Erkläert et méi einfach. Dat ass de beschte Wee.

## Tipps a méiglech Reaktiounen

- **Denkt drun, d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen.**
- Kanner brauchen eng Äntwert, och wa se just ass: „Mir wäerte muer/herno/méi spéit driwwer schwätzen."
- Am beschten ass et, éierlech ze sinn. Et kann ee Saache ganz gutt erklären, ouni an den Detail mussen ze goen.
- Denkt duerno driwwer no, him d'Fro zréckzestellen. Esou fannt Dir nämlech eraus, wat hatt scho weess an – dat ass dat Wichtegst! – wéi e Vocabulaire hatt versteet. Wann hatt seet, dass hatt näischt weess, da fänkt mat der einfachster Erklärung un: De Som vum Mann* + De Som vun der Fra* = Bëbee, deen am Bauch vun der Fra* wiisst.
- Dir kënnt Iech och mat engem Buch, dat dem Kand sengem Alter entsprécht, hëllefen (cf. hei drënner).
- Geschwënn wäert hatt nach méi genee wësse wëllen, wat wärend däser Ëmäerblung geschitt. Äntwert him dann, dass beim Sex oder bei enger sexueller Relatioun de Mann* säi Penis an d'Scheed vun der Fra* aféiert (erënnert hatt drun, dass e Mann* an eng Fra* net all Kéier, wa si Sex hunn, e Kand maachen).
- Wann d'Kand keng Froen zu dësem Thema stellt, da braucht Dir Iech keng Suergen ze maachen. Am Géigendeel! Warscheinlech interesséiert hatt sech an deem Moment net dofir.
- Benotzt reell Wierder a vertraut dorop, dass Dir alles richteg maacht! Dir kënnt d'Wourecht soen, ouni onbedéngt alles ze zielen. Hei ënnendrënner fannt Dir e puer weider méiglech Äntwerten.

## Repèrë fir Iech

### Mat 3-4 Joer

**D'Kand brauch kee kierperleche Bezuch.**

➜ „Wann zwou Persoune frou matenee sinn, da wëlle si munchmol e Bëbee maachen."

### Mat 5-6 Joer

**Mat einfache Wierder versteet hatt et besser.**

➜ „Wann zwou Persoune frou matenee sinn, da wëlle si munchmol e Bëbee maachen. Si drécke sech ganz fest an de Mann leet e Som an de Bauch vun der Fra. Dëse Som trëfft op en anere Som an zesumme maache si e Bëbee."

➜ „Heiansdo geet dat net. Well d'Koppel net aus engem Mann an enger Fra besteet oder well eppes net richteg funktionéiert. Si kënnen och e Bëbee kréien, mä et wäert e bëssen anescht sinn. Zum Beispill mat der Hëllef vun engem Dokter oder duerch Adoptioun."

**Geschwë gëtt eng Fiche iwwer „Déi verschidde Manéieren, e Bëbee ze kréien" an iwwer Bëbeeë mat Behënnerunge veröffentlecht.**

### Mat 7-8 Joer

**D'Kand brauch konkret Äntwerten, déi mat einfache Wierder erkläert ginn.** Dir kënnt der Erklärung hei driwwer e bësse Vocabulaire (Sperma, Eezell ...) bäifügen an erklären, dass de Bëbee néng Méint brauch, fir ze wuessen, ier e gebuer gëtt. Wëll hatt méi Detailer? Dir kënnt him erklären, dass et meeschtens de Penis vum Mann ass, deen de Sperma an d'Scheed vun der Fra leet. An dass bei der medezinesch ënnerstëtzter Empfängnis den Dokter de Sperma an de Bauch vun der Fra injektéiert oder de Sperma an d'Eezellen zesummebréngt, ier hie se an de Bauch vun der Fra leet.

### Mat 9-10 Joer

**D'Kand wëll virun allem wëssen, wéi de Penis an d'Scheed andréngt.** Wann Dir Iech bei der Äntwert net wuel fillt, da kënnt Dir einfach soen:

➜ „Dat ass wierklech eng gutt Fro, déi s du mir do stells. Looss mech e bëssen driwwer nodenken, well dës Fro ass wichteg an et soll ee richteg drop äntweren."

Esou gëtt ee sech selwer e bëssen Zäit, fir d'penibelt Gefill an de Grëff ze kréien, an et kann een, wann een dat wënscht, Famill a Frënn ëm Rot froen. Vergiesst net, dass et Bicher zu dësem Thema gëtt, déi sech u verschidden Altersgruppen adresséieren an Iech hëllefe kënnen. Et ass wichteg, d'Thema nach emol opzegräifen an him z'äntweren, well et soss passéiere kann, dass et Iech net méi bei wichtege Froen ëm Rot freet.

An dësem Alter kënnt Dir him Erklärunge ginn an Detailer soen (Penetratioun, Ejakulatioun, Eesprong etc.): De Penis dréngt an d'Scheed an, fir hei de Sperma ofzeleeën an d'Eezell ze befruchten.

## Hëllefsmëttelen

Zum Beispill d'Bicher vum Loewe Verlag:

- „Wann hab ich eigentlich genug?" ab 3 Joer
- „War ich auch in Mamas Bauch?" ab 5 Joer
- „Mein Körper gehört mir" ab 5 Joer
- „Ich und meine Gefühle" ab 5 Joer
- „Das bin ich von Kopf bis Fuß" ab 7 Joer
- „Wie ist das mit der Liebe?" ab 9 Joer
- „Ganz schön aufgeklärt" ab 11 Joer

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**

planning familial